



**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an vum Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n° 6854 vum 16. September 2022 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser.**

1) Taiwan applizéiert op fräiwëlleger Basis d'Standarden a recommandéiert Praktike vun der *International Civil Aviation Organization* (ICAO), en Organ vun de Vereenten Natiounen (UNO), an dat, obwuel d'Land weder de Statut vun engem Memberstaat vun der UNO huet, nach deen vun engem Memberstaat vun der ICAO.

Déi rigouréis Uwennung duerch Taiwan vun dese standardiséierten internationalen Normen hëlleft, d'Sécherheetsrisike vun der ziviller Loftfaart an der Fluchinformatiounsregioun Taipei (FIR) ze minimiséieren. D'Sécherheetsstatistiken aus der Regioun sinn och gutt a weisen absolut net, datt festgeluechte Sécherheetsmesuren net géifen ugewannt ginn.

Sou ass bis elo nach kee Sécherheetsrisiko identifizéiert ginn, dee mat der Tatsaach verbonne wier, datt Taiwan kee Member vun der ICAO ass.

Weder vu Säit vun den Autoritéiten, nach vun den Opérateure selwer, besteet e Grond fir Bedenken iwwert d'Fluchsécherheet an Taiwan ze hunn.

2) D'Joer 2013 ass dat eenzegt, an deem eng Delegatioun vun der taiwanesescher ziviller Loftfaart-Autoritéit invitéiert gouf fir un der ICAO Generalversammlung deelzehuelen, an zwar ënner dem Numm "Chinesesch Taipei" an ënner dem Status vu "Gaascht" (*guest*), dee keng speziell Bedeitung huet.

Dës Delegatioun gouf vum President Roberto Kobeh González invitéiert, mat der Zoustëmmung vun den Autoritéite vun der Volleksrepublik China. An de Joeren 2016, 2019 an 2022 waren d'chinesesch Autoritéite awer géint eng Invitatioun vun enger Delegatioun aus Taiwan.

3) D'Positioun vun der Europäescher Kommissioun an och vun der Lëtzebuerger Regierung ass déi, praktesch Léisungen z'encouragéieren, wat eng Bedeelegung vun Taiwan an internationale Kaderen ugeet, do wou et konsistent ass mat der "*One China Policy*" an do wou Taiwan ka mat senger technescher Kompetenz eng "*Valeur ajoutée*" bréngen.

Lëtzebuerg, den 7. Oktober 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch